

Hallo halli, ech sinn d'Maisy

Doheem sinn ech um Bauerenhaff

An do ass all Dag eppes lass

Ganz fréi am Moien rífft den Hunn

(Hien hëlt sech nach ewell zimlech wichteg)

An da kënnt gläich och d'Hong geflunn

(naja, gefladdert wier méi richtig)

All Dag en Ee leet hatt an d'Nascht

Fir dat de Paangech net ze vill kascht

E Paangech? Jo, dee sollt dir maachen

An dofir braucht dir nach vill Saachen

En Ee vum Hong, a vu wíem d'Miel?

Dat kritt dir muer am Bréif gezielt

An nach d'Rezept, dat misst dir hunn

Daat hänken ech un de Bréif drun

Allez, lo maachen ech awer Schluss

Well ech nach ganz vill schaffe muss

Ech schécken iech e léiwe Grouss

An ennerschreíwe mat mengem Fouss



Paangech

400 g Miel

750 ml Mëllech

3 Eeër

Botter fir ze Baken

Hunneg fir ze Séissen



Miel, Mëllech, Eeër zu engem glaten Deeg verréieren.

De Botter virun all Paangech an d'Pan (oder geschmolz virdrunn matt bei den Deeg) ginn.

Mat enger Louche eng Portioun Deeg an déi gliddeg Paan ginn a gläichméisseg (duerch Schwenken) verdeelen.

Op 2 Säiten baaken bis dass en lücht brong gëtt.

Op en Teller ginn a mat Hunneg séissen.


Färdeg ass et!

Gudden Appetit!



Hallo halli, 't ass rëm d'Maisy

Erënnert iech, déi Maus vum Haff
Haut weisen ech iech wat Miel sou ass
Ee Pak dovun brauch ee fir Kuch
Dovun krëtt dir jo ni genuch
Als éischt muss een zwar Kären huelen
An déi da laang a ganz reng muelen
Sou krëtt ee Miel och fir e Paangech
Mee dat wësst dir jo sécherlech
Wann dir bei mech kommt op Besuch
Da kommt dir selwer mol zum Zuch
Da kënnt dir muele mat aller Kraaft
Da gëtt all Kär zu Miel gemaach
Mee lo awer rëm séier Schluss
Well ech nach ganz vill maache muss
Ech schécken iech e léiwe Grouss
An ënnerschreiwem matt mengem Fouss



Hallo halli 't ass rem d'Maisy

är Frëndin aus dem Märjendall

Sot, mir ass eppes opgefall

Wann ee wëll mat Baken ufänken

Muss een un eppes Wichtige denken

De Botter dierf dobei net feelen

Well ouni dee geléngt et seelen

De Paangech brennt un -

An d'Dreckskeischt geflunn

Nee nee dat soll et nun awer net sinn

Dofir wëlle mir bei all Paangech e Schnatz Botter ginn

Mee wou kënnt deen hier

De Botter fir op d'Schmier?

Kommt mech dach sou séier wéi méiglech besichen

Dann huelen ech iech mat a meng Kichen

Do kënnt dir de Botter da selwer schmaachen

Aus wat musst dir deen dann elo selwer maachen?

Vläicht weess scho vun iech een et heibannen?

Wann net, wäert dir et bei mir erausfannen.

Mee lo awer rem séier Schluss

Well ech nach ganz vill maache muss

Ech schécken iech e léiwe Grouss

An ennerschreibe mat mengem Fouss



Hallo halli, nach eemol d'Maisy

Ech schreiwem iech vun Huelmes haut

Do hu vill Déiere fir eis gebaut

Kleng Kummeren! Mat Hunneg geféllt

falls dir eppes Séisses op de Paangesch wéllt

D'Beien hu geschafft voll Fläiss

A séissen Hunnech as hiere Präiss

Wäit gi si sichen

A Felder a Wisen

An droen Nektar a Pollen an de Beiestack

Ssssst fléie si laanscht, dat geet zack zack

Mee iesst net schonn alles ewech ier dir kommt

Well ech hunn um Haff nach eppes Wichtige fonnt

Wat dir nach braucht fir de Paangesch ze maachen

Dat huet dir da mat, an da wäert dir schmaachen

Wéi gutt dat ass wann een Ee, Mëllech, Miel a Botter

Zu Paangesch mëscht, ganz ouni Zocker.

Mee lo awer rëm séier Schluss

Well ech nach ganz vill maache muss

Ech schécken iech e léiwe Grouss

An ënnerschreiwem mat mengem Fouss



Hallo halli, ech sinn d'Maisy

Ech hunn iech all déi Bréiwer geschéckt

Endlech ass eis en Treffe gegléckt

Wëllkomm bei mir op mengem Haff

Ech weisen iech haut, wat hei alles lass ass

De Moie schonn an aller Fréi

Hunn ech eng Kou gestrach mat Méi

Eng Kou sträichen? Wäert dir lo froen

Wat ass dann dat? Muss een sech do vill ploen?

Wéi kann d'Kou eis da Mëllech ginn

Déi wichteg fir eise Paangech wäert sinn

Ma da kommt mol mat, mir kucken zesummen

Wow all déi Déieren um Haff hei wunnen

Vläicht fanne mir och d'Kou

An d'Mëllech derzou

Da kéint dir doheem endlech e Paangech baken

Wa mir iech zum Schluss dann nach Mëllech apaken.

A lass! Kommt mat!

